# ***REKLAMATIOUNSRENNBERICHT LIGA 2***

## *COURSE  MONZA*

### STROOFANTRAG NR. 1

***Den Ugeklootenen :*** ***Mokka; Belethril (vun den Stewards)***
***Den Kläger :*** ***DaddyGies***
***Sujet :*** ***Accident mad Schued***
***Plaaz :*** ***Ronn 10 / Sekteur 1/ Turn1***

Beim erunfueren un Turn 1 sin die 2 Aston Martins niewenteneen, well den Belethril dem Mokka awer keng Plaatz leist gereit heen opt Graas (Figure 1) woubei beim direckten Oofbremsen seng 4 Pneuen komplett locken (Figure 2) an heen sech sou ewegdreint.
Bei da Dreihung ass heen nemmen nach Co-Pilot an knuppt sou dem DaddyGies fier an den Auto woubei deen sein Fliigel fier verleiert.
Hei sin déi 2 Aston Martins am Feeler, den Belethril well hien (sengem eegenen Teammate) keng Plaz leisst an souzesoen vun da Streck dreckt.(Figure 3) Den Mokka ass dann och egalwei am Feeler well hien duerch säin ABS rutscht wad en kloeren Fuerfeeler ass an dann op seng Kapp geet.
Mear hunn awer Reegel 10.5 ugepasst fir dës Situation well ma fannen dass et soss zestreng wär. (D'Reegel 10.5 gëtt souzesoen 10 Sekonnen + 1 Stroofpunkt)

***Entscheedung:*** Stewards entscheeden sech hei dem Belethril an dem Mokka eng 5 Sekonnen Stroof zeginn, wad net regel conforme ass well mear fannen dass et soss zestreng wär fir dës Situation.

***Reklamatiounsstewardentscheedung:*** No Ënnersich vum Videomaterial, ass mir Reklamatiounssteward Liga 2 (Ricardo) opgefall dass den Belethril matt vill Iwwerschoss an den Turn 1 kennt well hien DRS huett. Sein Teammate den Mokka mescht him Platz fir dass hien fier goen kann. Am Videomaterial heiert een och wei den Mokka zum Belethril seet: `Komm fier, komm fier`. Den Belethril stellt sech dann firum Mokka an prepareiert den Emplacement vum Auto esou dass hien een gudden Wenkel huett fir an Turn 1 an duerno Turn 2.

Den Mokka geet kloer mei speit wei den Belethril op Brems an soumadder muss hien oofweischen. No riets kann hien nett welél den Epic vun hannen kennt an den PapaGies och also muss hien no lenks oofweichen an kennt soummader op den Gras.

Ab dem Moment huett den Mokka keng Kontroll mei iwwert den Auto an hien dreint sech an ett entsteet den Kontakt teschent him an dem PapaGies.

Entscheedung vum Reklamatiounssteward: Den Mokka kritt hei d`Schold um PapaGies sengem Fliegelschued. Datt bedeit laut Reegel 10.5: 10 Sekonnen an 1 Stroofpunkt. Ech entscheeden awer dem Mokka nett dei ganz Stroff ze ginn. Hien kritt vun mir 5 Sekonnen an 1 Stroffpunkt.

**Umierkungen vun den Stewards:**

Ech perséinlech fannen de Racing an der Liga 2 richteg gudd a seguer de beschte Racing an der ganzer LFR an ech hoffen dass dëst nach eng richteg spannend Saison gëtt.

| Pos | Fuerer | Equipe | Zeit | Zeitstroof | SP/V | Pkt |
|---|---|---|---|---|---|---|
| 1 | Joe | Mercedes | Winner | - | - | 25+1+1 |
| 2 | Belethril | Aston Martin | +4.704 | 3 sek | - | 18 |
| 3 | Bubul | Mercedes | +5.603 | - | - | 15+1 |
| 4 | Epiconly | Ferrari | +6.908 | - | - | 12+1 |
| 5 | DaddyGies | Mclaren | +7.753 | - | - | 10+1 |
| 6 | BlueMordi | Alpine | +9.394 | - | - | 8+1 |
| 7 | Mokka | Aston Martin | +10.154 | 5 sek | - | 6 |
| 8 | Binti | Ferrari | +11.723 | - | - | 4+1 |
| 9 | Luis | Mclaren | +11.976 | - | - | 2+1 |
| 10 | Delpea | Haas | +13.221 | 3 sek | - | 1 |
| 11 | Kaiji | Williams | +20.592 | - | - | 1 |
| 12 | Bayernmann | Alfa Romeo | DNF | DNF | - | - |
| 13 | Ghost | Red Bull | DNF | DNF | - | - |
| 14 | ToTheTree | Alfa Romeo | DNF | DNF | - | - |
| 15 | SmokingDragon | Alpine | DNF | DNF | - | - |

***AEREN REKLAMATIOUNSSTEWARDS VUN DA LIGA 2 (Ricardo)***